

Dossier 6

Migratiounen

■ De Kommentar zum Dossier 6

■ Héierverstoen

- E Lëtzebuurger an Amerika an en Amerikaner zu Lëtzebuerg

■ Liesverstoen

- Migratioun - Virurteeler

■ Mëndlechen Ausdrock

- E Bericht iwwert den eegene Migratiounsweg

■ Schrëftlechen Ausdrock

- E Lieserbréif zur Sproochepolitik zu Lëtzebuerg

■ Literatur

- Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn

■ Sprooch

- Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuurger Sprooch

Theema: Migratiounen

Ënnertheemen: Lëtzebuerg an der Welt an d'Welt zu Lëtzebuerg, Fërderung vun der Lëtzebuerger Sprooch, Reflexioun iwwert d'Identitéit

Léierziler:

- den Inhalt vun engem Artikel / engem Reportage verstoen an ëremginn
- um Radio an op der Tëlee an enger Dokumentarsendung déi zentral Informatiounen eraushéieren an zouerdnen
- an engem Lieserbréif, Bréif oder Artikel seng Meenung zu engem gesellschaftspoliteschen Theema ausdrécken (Zoustëmmung, Bedenken, Onzufriedenheet, Géigenargumenter asw.)
- detailléiert iwwert e perséinleche Moment a sengem Liewe berichten

Beschreibung vum Inhalt vum Dossier

Dësen Dossier sollt ee mat de Lauschtertexter ufänken; an deem enge geet et ëm e Lëtzebuerger, deen elo an Amerika leeft, an an deem aneren ëm en Amerikaner, deen op Lëtzebuerg geplënnert ass. Dës kuerz Reportagé kënnen als Ausgangspunkt gëllen fir esouwuel méi kuerz wéi och méi laang mëndlech Produktiounen, an deenen d'Apprenanten hire Migratiounswee beschreiwe kënnen. An den authentesch Liestexter gëtt d'Theema vun der Migratioun dann nach eng Kéier opgegraff, andeems d'Problematik vun de Virurteeler géint Migranten thematiséiert gëtt.

Am Volet *Literatur* ginn zwee Liddertexter behandelt, woubäi deen aktuellen eng Variatioun vun deem historeschen ass. D'Apprenantë kréien d'Méiglechkeet, mat dësen Texter zwou Situatiounen ze vergläichen an d'Devise „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn“ ze kommentéieren.

Am Volet *Sprooch* geet et ëm de Strategiepabeier vun der Regierung, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen. An enger schrëftlecher Produktioun a Form vun engem Lieserbréif kënnen d'Apprenantë sech zu dësem Theema äusseren.

Zousätzlech Iddien

Zum Theema *Migratioun* fënnt een hei nach zousätzlech Iddien:

- Dem Yann Tonnar säin Documentaire *Weilerbaach* handelt vum Alldag an engem Flüchtlingsheem zu Lëtzebuerg.
- Dem Christoph Wagener säin Dokumentarfilm *Luxemburg, USA* aus dem Joer 2007 illustréiert d'Geschicht an d'Grënn vun der Migratioun vun de Lëtzebuerger an d'USA am 19. Joerhonnert.

- Am Film *Grand H* vum Frédérique Buch kommen eng Partie Leit zu Wuert, déi sech privat oder beruflech fir Flüchtlingen engagieren.
- An der Mini-Serie *Dohannen Doheem* op play.rtl.lu geet et ëm Portugisen, déi zu Lëtzebuerg wunnen an déi hir Sommervakanz a Portugal verbréngen.
- Op RTL Play gëtt et eng Serie vu Reportagen iwwer Lëtzebuurger, déi ausgewandert sinn an déi vun hirem Liewen an hirer neier Heemecht erzielen. Hei ass de Link op dës Reportagen: <https://play.rtl.lu/shows/lb/letzebuurger-am-ausland/episodes>
- Och am Buch *100 Lëtzebuurger ronderëm d'Welt* vum Raymond Reuter (2003) fënnt ee Portraite vu Lëtzebuurger „Expats“.

Fir d'Thema *D'Welt zu Lëtzebuerg* ze verdéiwen, kann een op déi sëllegen international Associatiounen, Festivallen an Evenementer hiweisen. E puer Beispiller sinn do:

- de Bazar International
- de Bazar vun der Croix-Rouge
- de Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté (organiséiert vum CLAE, dem Daachverband vun den auslänneschen Associatiounen)

Zum Thema *Fërderung vun der Lëtzebuurger Sprooch* fënnt een interessant Reportagé mat dëse Linken:

<https://www.rtl.lu/news/national/a/1013319.html>

<https://www.rtl.lu/news/national/a/1201142.html>

Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn

- E flott Buch zum Thema *Lëtzebuerg an der Welt* ass *Luxemburg in der Welt* vum Luc Marteling a Steve Müller (2010). An dësem Buch weisen d'Auteuren, wou a verschiddene Sproochen den Numm *Lëtzebuerg* op der Welt ze fannen ass, an dat huet net ëmmer eppes mam Grand-Duché ze dinn.
- Eng aner Méiglechkeet, fir d'Thema ze verdéiwen, ass, d'Roll vu Lëtzebuerg an der Groussregioun an an Europa ze behandelen.

Am Volet *Sprooch* kéint een och op d'Méisproochegkeet vu Lëtzebuerg agoen. En interessante Bäitrag dozou fënnt een zum Beispill hei:

<https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/nuria-garcia-sproochepolitik>

Zu all dësen authentesch Reportagé kann een Aufgaben ausschaffen. Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument *Aufgabestellung fir Héier-a Liesverstoen*.

Fir kleng schrëftlech Produktiounen ze sammeln, eegent sech e Padlet generell gutt, well jiddereen aus der Klass all d'Produktiounen gesäit an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserunge vun der Léierpersoun esou ukucken.

Grammatisch Punkten

D'Theema an d'Léierziler bidden sech un, fir déi indirekt Ried an d'Lokalprepositiounen ze widderhuelen.

Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2

Dossiere 4 - 6

INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023



All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) dierfe fir Unterrichtswecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se dierfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, dierfen net weiderverwäert ginn.

Auteurs: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)

Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)

Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig

Korrektorat: Myriam Welschbillig

Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité

Tountechnik: IP Luxembourg

Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)

Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grouse Merci un all déi Persounen, déi matgeholfen hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-07-2



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

E Lëtzebuerger an Amerika an en Amerikaner zu Lëtzebuerg

1. Lauschtert de Reportage iwwert de Philip Crowther. Iwwert wat fir Theeme kritt een Informatiounen am Reportage? Kuckt d'Lëscht a kräizt un.



Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.2021

Am Reportage kritt een Informatiounen iwwert

- dem Philip Crowther seng Aarbecht.
- eng Auszeechnung, déi hie kritt huet.
- de Wunnuert vun de verschiddene Familljememberen.
- d'Sproochen, déi hie schwätzt.
- seng Liblingsdestinatiounen, fir an d'Vakanz ze goen.
- säi Liblingsport.



Privat Foto Philip Crowther

2. Schreift fir d'éischt déi dräi Theemen an den Tablo, déi am Reportage ugeschwat ginn. Lauschtert de Reportage nach eng Kéier a kräizt un, wien Informatiounen zu deenen Theeme gëtt.



Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.2021

	Theema 1:	Theema 2:	Theema 3:
	_____	_____	_____
de Speaker			
d'Speakerin			
de Philip Crowther			

3. Deelt Iech déi dräi Theemen an der Klass op. Lauschtert de Reportage nach eng Kéier an notéiert esou vill wéi méiglech Informatiounen zu engem vun deenen dräi Theemen.



Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.2021

Theema : _____

Wat seet ...?	Informatiounen
de Speaker	
d'Speakerin	
de Philip Crowther	

4. *Vergläicht mat enger Persoun aus der Klass, déi Informatiounen zu deem selwechten Thema wéi Dir gesammelt huet, a completéiert Är Notizen.*

5. *Tauscht Iech elo mat Leit aus, déi detailléiert Informatiounen zu deenen aneren zwee Theemen hunn.*

Ech hu gelauschtert, wat zum Thema ... gesot gëtt.

Zu dësem Thema soen ... Persounen eppes.

De Speaker / D'Speakerin seet / bericht, datt ...

De Philip Crowther selwer erzielt / preziséiert / erkläert / weist drop hin, datt ...

Ech fannen et interessant / bemierkenswäert / komesch, datt ...

6. *Sicht kuerz Videoe vum Philip Crowther am Internet.*



7. *Lauschtert elo e Reportage iwwert en Amerikaner zu Lëtzebuerg. Notéiert a Stéchwieder Informatiounen, déi Dir iwwert dës Persoun kritt. Lauschtert de Reportage duerno nach eng Kéier a vergläicht Är Stéchwieder duerno mat Ärem Noper / Ärer Nopesch a completéiert se.*



© SKIN, Headroom design

8. *Completéiert elo mathëllef vun Äre Stéchwieder de kuerze Portrait vum Mike McQuaide.*

De Mike McQuaide ass 2013 mat senger Fra a sengem Jong op Lëtzebuerg komm, well _____
 _____. Hien huet eng Facebook-Säit opgemaach,
 wou hie Videoen an Texter iwwer seng Entdeckungen hei gepost huet, fir _____
 _____. Seng Facebook-Säit ass
 séier bekannt ginn an huet och Lëtzebuenger interesséiert, well _____
 _____. Hien ass virun allem _____
 duerch d'Land gefuer an huet _____, zum Bei-
 spill den Andy Schleck.

Well hien och schonn an den USA als Journalist geschafft huet a Schreiwe säi Beruff ass, huet
 hien decidéiert, _____.

An der Tëschenzäit huet hie scho vill aner Projeten hei am Land realiséiert, an deenen hie
 Reklamm fir Lëtzebuerg mécht, zum Beispill _____
 _____, an hien huet nach vill weider Iddien. Lëtzebuerg ass seng nei Heemecht an dat
 erkennt een och dodrun, datt _____
 _____.

9. Vergläicht duerno a kleng Gruppen a verbessert Iech géigesäiteg.

10. Kuckt op der Internetsäit vum Transportministère déi kleng Reportagë vu „One Man, One Country, One Day“.

<https://transports.public.lu/fr/mobilite/transport-en-commun/oneman-onecountry-oneday.html>

11. Erzielt am kleng Grupp kuerz Är Geschicht, wéi a firwat Dir op Lëtzebuerg komm sidd a wat Dir bis elo hei gemaach hutt. Notéiert e puer Detailer zu deem, wat Är Gruppememberen Iech erzielen.

12. Deelt der Klass mat, wat Dir besonnesch interessant fonnt hutt. Dir kënn dofir dës Riedmëttele benotzen.

An eisem Grupp komme mir all aus ...

All d'Leit aus eisem Grupp kommen aus/vu verschiddenen ...

Et ass interessant ze héieren, datt ...

Besonnesch interessant ass ...

Ech hätt net geduecht, datt ...

Et ass erstaunlech, datt ...

Wat mech iwwerrascht huet, ass, datt ...

Dem ... seng Geschicht huet mir besonnesch gefall, well ...

E ganz interessanten Aspekt vum ... senger Geschicht ass, ...

Wann een déi verschidde Geschichte matenee vergläicht, fällt op, datt ...



MA Migrationswee

Reportage iwwert de Philip Crowther	
Auszeichnung (f)	
auszeichnen	
Korrespondent (m)	
Reporter (m)	
Noriichten (pl)	
fléissend	
berichten	
keng Meenung verrieden	
onparteiesch	
Erausfuerderung (f)	

Reportage iwwert de Mike Mc Quaide	
sech en Numm maachen	
verfollegen	
ubidden	
sech néierloossen	
opwuessen	
opfalen	
verëffentlechen	
virwëtzig	

Reportage iwwert de Philip Crowther

01 **Speaker:** De Philip Crowther, Korrespondent fir RTL an den 100,7, gouf an den USA ausgezeechent, an zwar kritt hien dës Joer de Präis fir „Professional excellence“ vun der auslännescher Korrespondenten-Associatioun an Amerika.

Speakerin: Hien ass Reporter bei Associated Press an ass zu Washington stationéiert, wou hie sech ëm d'Noriichten aus dem Wäissen Haus këmmert. Mä hie reest net just duerch Amerika, mee am Fong duerch déi ganz Welt, fir fleissend a sechs Sproochen (Englesch, Spuenesch, Franséisch, Portugisesch, Däitsch a Lëtzebuergesch) ze berichten.

Philip Crowther: Ageschéckt fir dës Präis gouf meng Couverture vun der Vereedegung vum President Joe Biden. Et gouf ganz wéineg Accès fir d'Journalisten, dat war während der Covid19-Pandemie éischtens emol, mä och nodeems de Capitol gestiermt gouf, relativ kuerz duerno, dat heescht, alles war zou. Et war eng immens grouss Militärpresenz do an et gouf guer keen Accès fir de Public an och bal net fir d'Journalisten. An do krut ech dann d'Méiglechkeet, fir immens vill Sender do eng live Berichterstattung ze maachen. An dat war e Beispill, wéi déi sechs Sproochen an dat Konzept, wat mir bei AP hunn, zu 100 Prozent funktionéiert huet.

15 **Speaker:** Den 22. Dezember gëtt dës Auszeechnung da gefeiert, allerdéngs wéinst Corona wäert dës virtuell ausfalen, mee de kanadesche Premier Justin Trudeau wäert eng Ried halen, wat de Philip besonnesch freet.

6 Sprooche schwätzen, ass dat Talent oder éischer haart Aarbecht?

Philip: Ech sinn opgewuess zu Lëtzebuerg mat engem englesche Papp, mat enger däitscher Mamm. Dat heescht doheem gouf Englesch an Däitsch geschwat, Lëtzebuergesch, soubal ech Kollegen an der Strooss hat zu Mamer, wou ech opgewuess sinn, an dann natierlech an der Spillschoul an an der Primärschoul, do léiert een dann och Lëtzebuergesch a ganz fréi Franséisch. Op der 4e deemools am Kolléisch Spuenesch. Duerno fir d'Sproochen ze perfektionéieren an nach déi eng oder déi aner derbäizesetzen, a mengem Fall Portugisesch nom Spuenesch, dat huet éischer mat Interessi, awer och mat Disziplin ze dinn.

Speakerin: Hien hätt sech och un d'Arabescht an d'Japanescht ginn, do hätt awer d'Zäit gefeelt, fir sech ze perfektionéieren.

Ma fir de Philip war et net vun Ufank u kloer, als Journalist ze schaffen, mee dat wier sou komm duerch verschidden Opportunitéiten an den Interessi wier gewuess.

30 **Speaker:** Wichteg fir e Korrespondent ass fir de Philip, richteg Fakten ze hunn a keng Meenung ze verrieden, also onparteiesch ze berichten. Ma a sengem konkrete Fall gëtt et nach eng besonnesch Erausforderung.

Philip: Fir sou bëssen Expert an allem ze sinn, well ech weess jo net, wou ech higeschéckt gi vun engem Dag op deen aneren. Wou grad Breaking-News sinn, sief et eng Schéisserei an enger Schoul, leider wat immens oft an den USA geschitt, oder och wou ech viru Kuerzem an de Pakistan geschéckt gouf, fir eng Berichterstattung iwwert Afghanistan ze maachen. Dat weess ech eréischt vun engem Dag op deen aneren, datt ech dohi geschéckt ginn. An da muss ee sech ganz séier iwwert d'Thema informéieren, fir sou séier wéi méiglech Expert ze ginn oder op d'mannst sech esou unzehéieren, fir déi Autoritéit ze hunn, fir da kënnen déi Geschicht ze zielen.

40 **Speakerin:** Flott Geschicht vum Philip Crowther, coolt Liewen a mir gratuléieren nach eng Kéier fir dee flotte Präis.

Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.21

Reportage iwwert de Mike Mc Quaide

- Speaker: Michelle, wéini bass du fir d'lescht mam ëffentlechen Transport gefuer?
- Speakerin: Ech huelen all Dag den Tram fir erop op de Kierchberg, firwat?
- Kucks de dann och heiansdo, wat d'Ecrane weisen?
- A, lo weess ech, op wat s de erauswëlls. Du frees dech bestëmmt, ob ech schonn déi Reklamm gesinn hunn, wou de Mike Mc Quaide, och bekannt als *An American in Luxembourg*, en Challenge ugeet an an engem Dag mam ëffentlechen Transport duerch d'ganzt Land fiert.
- Jo, dat hunn ech gemengt. Dat ass eng flott Aktioun, an et ass net déi éischt, déi ee vun him gesäit.
- *An American in Luxembourg*, domat huet hie sech an de soziale Medien en Numm gemaach. Ech hat hien eng Kéier am Interview. Do huet e mer erzielt, en hätt deemools eng Facebook-Säit opgemaach, fir datt seng Frënn a seng Famill an den USA verfollege kënnen, wat hien a seng Famill hei zu Lëtzebuerg maachen.
- Hien ass also mat senger Famill op Lëtzebuerg komm?
- Jo, dat war schonn 2013, do huet seng Fra en Job hei ugebuede kritt a si hunn decidéiert, sech mat hirem Jong, deen deemools 14 Joer hat, hei zu Lëtzebuerg néierzeloossen. Seng Facebook-Säit ass séier bekannt ginn, well hien huet op eng ganz witzeg Aart a Weis e Bild vu Lëtzebuerg gewisen, dat och d'Lëtzebuenger interesséiert huet. Souzesoen aus der Perspektiv vun engem, deen net hei opgewuess ass, deen d'Saachen e bëssen anescht gesäit an iwwerhaupt och Aspekter gesäit, déi engem net oder net méi opfalen, wann ee vun hei ass. De Mike ass jo ganz sportlech, an hien huet d'Land virun allem mat sengem Vélo exploréiert. Videoen, mee och flott witzeg kleng Texter kann een op senger Säit fannen.
- Jo, also schreiwe kann hien. Hien huet an den USA als Journalist geschafft an do och schonn e puer Guidë verëffentlecht. Wat hei eeben nach dobäikënnt, ass seng virwëtzeg originell Vue op e Land, dat elo zu senger neier Heemecht ginn ass. 2017 ass dann och säi Buch mam Titel „An American in Luxembourg“ erauskomm, fir dat hie souguer de Publikumspräis vum Lëtzebuenger Buchpräis kritt huet.
- Du sees, Lëtzebuerg ass zu senger neier Heemecht ginn?
- Ma jo, hien huet Lëtzebuergesch geléiert an huet och ewell déi Lëtzebuenger Nationalitéit. Mëttlerweil huet hie scho vill Projeten hei realiséiert, an deenen hie schéi Reklamm fir eist Ländche mécht, wéi zum Beispill fir de Musée Dräi Eechelen oder d'Éislek-Pied. Hien huet och schonn eng Partie bekannt Lëtzebuenger begéint an ass zum Beispill mam Andy Schleck Mountainbike gefuer. Mëttlerweil ass hie selwer e bekannte Lëtzebuenger Amerikaner oder amerikanesche Lëtzebuenger.
- Op alle Fall eng flott Initiativ vum Transportministère a vum Mike. Deen Challenge kann ee jo och emol ugoen, a wie weess, vläicht lafe mer dann dem Mike iwwert de Wee a kënnen hien no sengen neiste Projekte froen.
- Jo, a fir d'Thema ofzeschléissen, lauschtere mer de Bruce Springsteen mat „Born in the USA“.

1. Lauschtert de Reportage iwwert de Philip Crowther. Iwwert wat fir Theeme kritt een Informatiounen am Reportage? Kuckt d'Lëscht a kräizt un.



Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.2021

Am Reportage kritt een Informatiounen iwwert

- dem Philip Crowther seng Aarbecht.
- eng Auszeechnung, déi hie kritt huet.
- de Wunnuert vun de verschiddene Familljememberen.
- d'Sproochen, déi hie schwätzt.
- seng Liblingsdestinatiounen, fir an d'Vakanz ze goen.
- säi Liblingsport.

2. Schreift fir d'éischt déi dräi Theemen an den Tablo, déi am Reportage ugeschwat ginn. Lauschtert de Reportage nach eng Kéier a kräizt un, wien Informatiounen zu deenen Theeme gëtt.



Quell: RTL, Eise Mann an Amerika, 10.12.2021

	Theema 1: Seng Aarbecht	Theema 2: Eng Auszeechnung, déi hie kritt huet	Theema 3: D'Sproochen, déi hie schwätzt
de Speaker	x	x	
d'Speakerin	x		x
de Philip Crowther	x	x	x

4. Vergläicht mat enger Persoun aus der Klass, déi Informatiounen zu deem selwechten Theema wéi Dir gesammelt huet, a completéiert Är Notizen.

Zum Beispill:

Theema 1: D'Aarbecht vum Philip Crowther

Wat seet ... ?	Informatiounen
de Speaker	De Philip Crowther ass Korrespondent fir RTL an den 100,7. Fir e Korrespondent ass et wichteg, richteg Fakten ze hunn. Et däerf ee keng Meenung vertrieiden. Et muss een onparteesch berichten.
d'Speakerin	Hien ass Reporter bei Associated Press zu Washington. Hie këmmert sech ëm d'Noriichten aus dem Wäissen Haus. Hie reest duerch d'ganz Welt.
de Philip Crowther	Et ass eng Erausfuerderung, a ganz kuerzer Zäit „Expert“ a verschiddene Beräicher ze ginn.

Theema 2: D'Auszeechnung, déi hie kritt huet

Wat seet ... ?	Informatiounen
de Speaker	De Philip Crowther gouf an den USA mam Präis fir „Professional excellence“ ausgezechent. Den 22. Dezember gëtt déi Auszeechnung gefeiert.
d'Speakerin	/
de Philip Crowther	Hie krut dee Präis fir seng Couverture vun der Vereedegung vum President Joe Biden. Do gouf et ganz wéineg Accès fir Journalisten an de Philip Crowther krut d'Méiglechkeet, fir immens vill Senderen eng live Berichterstattung ze maachen, an dat a sechs Sproochen.

Theema 3: D'Sproochen, déi hie schwätzt

Wat seet ... ?	Informatiounen
de Speaker	/
d'Speakerin	Hie schwätzt sechs Sproochen: Englesch, Spuenesch, Franséisch, Portugisesch, Däitsch a Lëtzebuergesch.
de Philip Crowther	Hien huet en englesche Papp an eng däitsch Mamm. Doheem gouf Englesch an Däitsch geschwat. Lëtzebuergesch huet hie mat Kolleegen op der Strooss an an der Schoul geléiert. Franséisch huet hien och fréi an der Schoul geléiert. Spuenesch huet hien am Lycée geléiert (op 4e am Kolléisch). Sprooche léieren a perfektionéieren huet mat Interessi, awer och mat Disziplin ze dinn.

8. *Compléiert elo mathëllef vun Äre Stéchwierder de kuerze Portrait vum Mike McQuaide.*

Zum Beispill:

De Mike Mc Quaide ass 2013 mat senger Fra a sengem Jong op Lëtzebuerg komm, well **seng fra hei en Job ugebuede kritt hat**. Hien huet eng Facebook-Säit opgemaach, wou hie Videoen an Texter iwwer seng Entdeckungen hei gepost huet, fir **senger famill a senge frënn an den USA ze weisen, wat si hei maachen**. Seng Facebook-Säit ass séier bekannt ginn an huet och Lëtzebuenger interesséiert, well **de Mike d'Saachen e bëssen anescht gesäit, wéi een, deen hei opgewuess ass**. Hien ass virun allem **mam Vélo** duerch d'Land gefuer an huet **eng Partie bekannt Lëtzebuenger kenne geléiert**, zum Beispill den Andy Schleck.

Well hien och schonn an den USA als Journalist geschafft huet a Schreiwe säi Beruff ass, huet hien decidéiert, **e Buch ze verëffentlechen**.

An der Tëschenzäit huet hie scho vill aner Projeten hei am Land realiséiert, an deenen hie Reklamm fir Lëtzebuerg mécht, zum Beispill **fir de Musée Dräi Eechelen oder d'Éislek-Pied**, an hien huet nach vill weider Iddien. Lëtzebuerg ass seng nei Heemecht an dat erkennt een och dodrun, datt **hie Lëtzebuergesch geléiert huet an d'Nationalitéit ugeholl huet**.

Migratioun

1. Kuckt d'Titelblat vum klengen Guide „Virurteeler géint Migranten“ a liest d'Virwuert. Klärt an der Klass de Begrëff „Virurteeler“ a „Migranten“.



Dës Guide gouf fir Lëtzebuerg adaptéiert vun Alter & Ego asbl op Basis vun "réfugiés & étrangers, petit guide anti-préjugés" CIRE asbl (2016), www.cire.be.
© Alter & Ego asbl Mee 2017 - www.alter-ego.lu

Verantwortlechen Editeur:
Alter & Ego asbl

Grafik:
Bunker Palace

Drock:
Imprimerie Reka

Dir fannt de ganze Guide hei fir erofzelueden:

<https://eapn.lu/wp-content/uploads/2017/09/LU-Guide-Anti-Prejuge.pdf>

D'Wuert „Virurteel“ ass betraff vun den orthograpeschen Ännerunge vun November 2019, cf. <https://www.lod.lu/?VIRURTEEL1>

2. Liest d'Virwuert. Wat ass d'Zil vun dësem Guide? Ass esou e Guide Ärer Meenung no noutwendeg? Schwätzt an der Klass doriwwer.

3

"ALL MËNSCH HUET D'RECHT FIR ALL LAND ZE VERLOOSSEN, OCH SÄIN EAGENT, AN NEES A SÄI LAND HEEMZEKOMMEN"

Universal Deklaratioun vun
de Mënscherechter (Artikel 13)

**Si iwuerrenen eis!
Si sinn eng Gefor fir eis Wirtschaft!
Si sinn ze vill anescht!
Villäicht si si souguer geféierlech?**

Dës Remarquen hunn déi meescht Fraen a Männer, déi enges Daags hiert Land op der Sich no engem bessere Liewe verlooss hunn, schonn héieren. Wann nei Leit an eng Gesellschaft kommen, da provoziert dat ëmmer gemëscht Reaktiounen: Virwëtzt, Gaaschtfrëndlechkeet, awer och Oflehnung oder Angscht. Angscht ëm seng eegen Identitéit, Angscht ëm seng Sécherheet, Angscht ëm säi Geld.

Dës Préoccupatioune baséieren oft op enger partieller Visioun vun der Realitéit, déi sech a Form vu Virurteeler ausdréckt. D'Zil vun dëser Broschür ass et, verschidde Virurteeler, déi een haut zu Lëtzebuerg iwuer d'Migranten héiert, ofzebauen. An der Hoffnung z'informéieren, d'Reflexioun ze beräicheren an ze weisen, dass d'Immigratioun virun allem eng Chance fir eis Gesellschaften ass.

© Virurteeler géint Migranten. E klengen Guide. Alle r& Ego asbl, Mee 2017.

3. Bliedert (virtuell) duerch de Guide. Wéi vill Virurteeler behandelt en a wéi ass en opgebaut? Schwätzt mat Ärem Noper / Ärer Nopesch.

4. Deelt d'Klass an dräi Gruppen. All Grupp liest an analyséiert ee Virurteel aus dem Guide. Duerno ginn d'Gruppen nei opgedeelt, esou datt an all Grupp op d'mannst een „Expert“ pro Virurteel ass. Et geet drëm, sech d'Informatiounen zu deene verschiddene Virurteeler géigesäiteg ze presentéieren. Benotzt fir dësen Austausch d'Presentatioun, déi Dir am éischte Grupp preparéiert hutt.

Grupp A

5. Liest d' Virurteil #1 an d'Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d'Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.



Vocabulaire:
 iwwerrennen
 Iwwerliewen (n)
 sécheren
 Hoffnung (f)
 Zukunft (f)
 friem
 Krich (m)
 Verfolgung (f)
 Mënscherechter (pl)
 zwéngen
 wirtschaftlech Stabilitéit (f)
 Critèrë festleeën
 Zougang (m)
 iwwerwaachen
 Stacheldrot (m)
 verstärken
 glafwierdeg

Froen:

1. Bezeechent den Text am éischten Abschnitt d'Migratioun als gutt oder schlecht?
2. Wat fir Grënn, fir säin Heemechtsland ze verloossen, gi genannt?
3. Wat fir Argumenter ginn am drëtten Abschnitt geholl, fir d'Virurteil vum „iwwerrannt“ ze entschäerfen?
4. Wat fir e weidert Argument géint d'Iddi vun enger „Invasioun“ gëtt am véierten Abschnitt genannt?
5. Wat fir eng Roll spillen d'Medie bei der Verbreedung vun deem Virurteil?

Fir d'Presentatioun:

Mir hunn an eisem Grupp d'Virurteil Nummer ... analyséiert.

Dat Virurteil seet, datt ...

An der Brochure ass den Titel vum Géigenargument: [Zitat vum Géigenargument]

Et geet also dorëm, datt ...

Am ... Abschnitt gëtt gesot / erkläert / drop higewisen / bewisen ...

D'Virurteil gëtt widderluecht / entschäerft duerch ...

Virurteil#1 Mir gi vun de Migranten iwerrannt

5

Zu allen Zäiten hunn d'Mënsche sech deplacéiert, si sinn emigréiert fir hiert Iwwerliewen ze sécheren oder an der Hoffnung op eng besser Zukunft. Dat ass weder gutt nach schlecht: et ass just e Fait.

Ënnert dese Persounen, déi "Migranten" genannt ginn a friem si wa si an hirem neie Land ukommen, gi verschiddener duerch Krich, Verfolgung a Violatioune vun de Mënscherechter an d'Exil gezwongen. Anerer verloossen hiert Land aus perséinleche Grënn (aus Besoin fir d'Iwwerliewen, fir wirtschaftlech Stabilitéit ze fannen, aus Léift, fir ze studéieren, well hir Kompetenze gesicht ginn, asw.).

Wat d'Flüchtlingen ubelaangt, laut dem Héije Kommissariat vun de Vereenten Natioune fir d'Flüchtlingen (HCR), goufen 2015 65,3 Milliounen Leit mat Gewalt deplacéiert, dorënner "nëmmen" 24,5 Milliounen ausserhalb vun hirem Land. Dat relativiséiert déi 1,2 Milliounen Demandé fir internationale Schutz, déi 2015 an den 28 Memberstate vun der Europäescher Unioun (EU) gemaach goufen. Zu Lëtzebuerg goufen 2015 2447 Demandé fir internationale Schutz gemaach an 2016 waren et der 2035. Eng Dréps am Ozean, wann ee weess, dass d'EU méi wéi 508 Milliounen Awunner huet a Lëtzebuerg méi wéi 576 000. Et muss och ervirgehewe ginn, dass ongeféier een Drëttel vun deenen, déi Schutz froen, Kanner sinn...

An nëmmen e klengen Deel vun den Demandé fir internationale Schutz ginn ugeholl. Tëschent 2010 an 2011 goufen nëmmen an déi fofzeg Persounen zu Lëtzebuerg regulariséiert. 2015 an 2016, um Héichpunkt vun der Kris an Syrien, ginn dës Zuelen erop, klammen awer net op méi wéi 228, respektiv 790, regulariséiert Persounen.


Och d'allgemeng Immigratiounstistik erlaabt et net, vun enger Invasioun ze schwätzen. 2016 goufen insgesamt 22 888 Leit enregistréiert, déi nei zu Lëtzebuerg ukomm sinn (fir 9 448 Departen), an dat egal aus wat fir engem Grund. Vun dese Persoune waren 82 % EU-Bierger, déi meescht dovunner Fransousen (3962, also 17, 31 %). D'Migratioun gëtt vu ganz komplexen europäeschen an nationale Gesetzer geregelt, déi ganz strikt Critèrë fir d'Autorisatioun fir den Zougang zum Destinationsland festleeën. Et ass net einfach, an d'europäesch Länner z'immigréieren.

D'"Invasioun" vun Europa duerch d'Migranten ass eng Illusioun, déi vun de Medien a sophistiquéiertem Equipement fir d'Grenzen zouzemaachen an ze iwerwaachen (Mauern, Stacheldrot, Schëffer um Mier...) verstärkt gëtt. Sou komme Biller vu Booten, déi ënnerginn, a vun onendleche Mënscheschlaangen op eis Bildschiermer, déi d'Angscht virun der Invasioun nach verstärken. An d'Illusioun gëtt glafwierdeg.

Grupp B

5. Liest d'Virurteil #6 an d'Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d'Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.

D'Immigratioun féiert zu méi enger grousser Produktioun a zu der Schafung vun Aarbechtsplazen



Vocabulaire:

Schafung (f)

Unzuel (f)

deelhuelen un

bäidroen zu

schafen

ëffentlech Verwaltung (f)

Beräich (m)

grënnen

Hindernis (n)

Virurteil#6 Si huelen eis eis Aarbechtsplazen ewech 15

En heefege Feeler ass et, ze denken, dass d'Unzuel un Aarbechtsplazen an engem Land fixe ass, wéi e Kuch, deen eng limitéiert Unzuel Stécker huet. A Wierklechkeet ass dat absolut net de Fall.

Wéi mir et schonn erkläert hunn, huelen d'Migranten un der Wirtschaft vun engem Land deel, si droen zu der Consumatioun a domat zu der Produktioun bäi. Fir nach eng Kéier d'Bild vum Kuch opzegräifen: de Kuch kann also méi grouss ginn an d'Unzuel vu Stécker ka méi grouss gi wann nei Leit op den Aarbechtsmaart kommen. Zu Lëtzebuerg goufen 2016 eleng 11 390 nei Aarbechtsplaze geschaf.

D'auslännesch Aarbechter si komplementar zu den existéierenden Aarbechter. D'Lëtzebuerger ginn haaptsächlech vun der ëffentlecher Verwaltung a vun de Beräicher Gesondheet a Soziales recrutéiert, während d'Migrante virun allem Aarbechtsplazen hunn, déi d'Eenheemesch net wëllen oder net kënnen unhuelen. Dat ass de Fall a Secteuren, déi ganz spezifesch Qualifikatioune brauchen (héich Finanzen, Technologie op héchstem Niveau, asw.) an an de Beräicher vun der Constructioun, dem Botzen, der Restauratioun, asw.

D'Migrante kënnen och selwer nei Aarbechtsplaze schafen. Zu Lëtzebuerg sinn d'Ausländer déi, déi am meeschten nei Betriber grënnen, wat méi Aarbechtsplaze fir jidderee bedeit! Si bréngen och oft nei Iddie mat a stimuléieren d'Kreativitéit an d'Innovatioun a droen hir perséinlech Note zu der lëtzebuerger Wirtschaft bäi.

D'Migranten hunn och mat méi Hindernisser um Aarbechtsmaart ze kämpfen. Problemer fir d'Diplomer unerkannt ze kréien, Sproochschwieregkeeten, méiglech Diskriminatioun... et gi vill Hindernisser, dorënner och d'Gesetzer. D'europäesch an national Legislatiounen hunn effektiv als Zil, prioritär eng Aarbechtsplaz fir déi Eenheemesch ze garantéieren, dono fir d'Europäer an da fir d'Bierger aus Drëttlänner (net-Europäer). Och wann hien déi selwecht Kompetenzen huet, huet e Migrant ganz wéineg Chancë fir lech "Är" Aarbechtsplaz ewechzehuelen.

Froen:

1. Duerch wat fir en Denkfeeler entsteet dat Virurteil?
2. Wéi gëtt am zweeten Abschnitt d'Bild vum Kuch nach eng Kéier geholl, fir d'Virurteil ze entschäerfen?
3. Wéi gëtt am drëtten Abschnitt erkläert, datt déi auslännesch Aarbechter „komplementar“ zu den eenheemesche sinn?
4. Wat fir en anere positiven Impakt kënnen d'Migranten op d'Wirtschaft hunn?
5. Wat mécht et de Migranten net einfach, engem Eenheemeschen eng Plaz ewechzehuelen?

Fir d'Presentatioun:

Mir hunn an eisem Grupp d'Virurteil Nummer ... analyséiert.

Dat Virurteil seet, datt ...

An der Brochure ass den Titel vum Géigenargument: [Zitat vum Géigenargument]

Et geet also dorëm, datt ...

Am ... Abschnitt gëtt gesot / erkläert / drop higewisen / bewisen ...

D'Virurteil gëtt widderluecht / entschäerft duerch ...

Grupp C

5. Liest d'Virurteil #7 an d'Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d'Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.



Vocabulaire:

Zougang (m)

villfältig

schützen

beweisen

Openthaltgeneemegung (f)

Recht (n)

krankesécherchert

Kannergeld (n)

ënnerleien

Pensiounskeess (f)

Krankekeess (f)

Froen:

1. Als wat ginn d'Grënn fir d'Migratioun am éischten Abschnitt bezeechent?
2. Mat wat fir engem Beispill gëtt am zweeten Abschnitt illustréiert, datt Ausländer keen illimitéierten Zougang zum Lëtzebuergesche Sozialsystem hunn?
3. Wat fir e weidere Fakt gëtt am drëtten Abschnitt genannt, fir d'Virurteil ze entschäerfen?
4. Wéi ass d'Situatioun vun de Persounen, déi internationale Schutz ufroen ?
5. Wat fir en Impakt hunn déi auslännesch Aarbechter op de Lëtzebuergesche Sozialsystem?

Fir d'Presentatioun:

Mir hunn an eisem Grupp d'Virurteil Nummer ... analyséiert.

Dat Virurteil seet, datt ...

An der Brochure ass den Titel vum Géigenargument: [Zitat vum Géigenargument]

Et geet also dorëm, datt ...

Am ... Abschnitt gëtt gesot / erkläert / drop higewisen / bewisen ...

D'Virurteil gëtt widderluecht / entschäerft duerch ...

Virurteil #7 Si komme fir vun eisem Sozialsystem ze profitéieren

17

D'Grënn, déi d'Migranten dozou bréngen, hiert Land ze verlossen, si ganz villfältig a kënnen sécher net op de Wonsch fir ze „profitéieren“ reduzéiert ginn.

Den Zougang zum lëtzebuergesche Sozialsystem ass och nach laang net illimitéiert fir Ausländer. En ass ganz am Géigendeel staark reglementéiert a vun der lëtzebuergescher Legislatioun geschützt. Als Beispill: e Bierger aus engem europäesche Land ka sech während dräi Méint zu Lëtzebuerg "installéieren". Wann hien no dësem Delai bleiwe wëll, da muss hie beweisen, dass hien entweder Salaré, Selbstänneg oder Student ass oder, wann hie keng Aktivitéit huet, dass hie genuch Ressourcé fir sech a seng Famill huet. Hie kann a kengem Fall während dëser Period eng Hëllef vum Staat kréien.

Ausländer, déi eng Openthaltgeneemegung zu Lëtzebuerg hunn, hunn Zougang zum Aarbechtsmaart. Dat heescht awer net, dass si vun engem Dag op den aneren déi selwecht Rechter hu wéi e Lëtzebuergesche, dee säi ganz Liewe cotiséiert huet, wéi d'Recht op Chômage.

Wat d'Persounen, déi internationale Schutz ufroen, ugeet, sou kréie si, während hiren Dossier analyséiert gëtt, e Logement an lessen an de Foyeren an eng Allocatioun vu 26 Euro pro Mount

pro Erwuessenen an 13 Euro pro Mount pro Kand a si si krankesécherchert. Si hunn awer kee Recht op Kannergeld an, ausser wann d'Prozedur méi wéi sechs Méint dauert, och keen Zougang zum Aarbechtsmaart. Dono, wa si de Statut als Flüchtling oder subsidiäre Schutz kréien, kréien si d'Recht op Openthalt zu Lëtzebuerg an ënnerleien dann dem normale Recht, dat heescht, si kënnen déi selwecht Hëllef kréie wéi d'Lëtzebuergesche, awer sécher net méi. Si hunn also Zougang zum Aarbechtsmaart a Recht op den RMG, wat ganz oft an der éischter Zäit néideg ass, fir et hinnen z'erlaben, sech e Liewen zu Lëtzebuerg opzebauen. Dat wëllt awer net heeschen, dass si laang dovun profitéieren.

Et muss schlussendlech och drop higewisen ginn, dass, wat de spezifesche Fall vu Lëtzebuerg ugeet, Fuerscher viru kuerzem bewisen hunn, dass d'auslännesch Aarbechter keng Gefor fir eise Sozialsystem duerstellen, mä am Géigendeel d'lëtzebuergesche Sozialversicherung virun der Faillite gerett hunn. D'Cotisatiounen vun den auslänneschen Aarbechter haten effektiv e positiven Impakt op d'Regimier vun der Pensiounskeess, der Krankekeess, de Versécherunge vun der Dependence an den Accidenter an op d'sozial Prestatiounen an d'Kannergeld. An dovun profitéieren am Endeffekt all d'Awunner!

© Virurteeler géint Migranten. E klengen Guide. A lte r& Ego asbl, Mee 2017.

Stéchwierder

Beneficiaire vun internationalem Schutz

Persoun, déi internationale Schutz ugefrot huet an där Lëtzebuerg de Status als Flüchtling oder subsidiäre Schutz accordéiert huet.

Genfer Konventioun

International Konventioun (Vereent Natiounen, 1951) iwwer de Status vun de Flüchtlingen. Si definéiert wat e Flüchtling ass an dese Persounen hir Rechter a Flichten. Lëtzebuerg huet des Konventioun, wéi och all déi aner Memberstate vun der Europäescher Unioun, ënnerschriwwen.

Persoun, déi internationale Schutz ufreet

Persoun, déi hiert Land op der Sich no Schutz verlooss huet, déi eng Demande fir internationale Schutz gemaach huet an déi drop waart, dass des Demande definitiv vu Lëtzebuerg akzeptéiert oder refuséiert gëtt.

Diskriminatioun

Defavorabelen Ënnerscheet am Ëmgang mat enger Persoun oder engem Grupp a ville Beräicher, wéi der Aarbecht, dem Logement, de politesche Rechter, asw.

Ausländer

All Persoun, déi net d'Nationalitéit vun deem Land huet, an deem si wunnt, entweder well si nëmmen eng aner Nationalitéit huet oder guer keng.

Héije Kommissariat vun de Vereenten Natiounen fir d'Flüchtlingen (HCR)

Hien dirigéiert a koordinéiert d'international Aktioun fir Leit ouni Wuerzelen an der Welt ze schützen: Persounen, déi internationale Schutz ufroen, Flüchtlingen, deplacéiert Persounen, Apatriden...

Mannerjäreger ouni Begleedung

Persounen, déi internationale Schutz ufroen a manner wéi 18 Joer hunn, där hir Elteren net zu Lëtzebuerg sinn.

Ministère fir Immigratioun an Asyl

Zentral Instanz fir d'Demarché fir Immigratioun an internationale Schutz zu Lëtzebuerg mat de folgende Responsabilitéiten: national, europäesch an international Politik an de Beräicher vun der Immigratioun an dem Asyl – fräi Bewegung vun de Persounen an Immigratioun: Arees an Openthalt vun den Ausländer – internationale Schutz an temporäre Schutz – Réckféierung vu Persounen an irregulärer Situatioun – Retentiounszentrum – Unerkennung vum Status als Apatride – Reesdokumenter fir Ausländer.

Multikulturell

Koexistenz op engem Territoire vu Persoune mat verschiddene kulturellen Originen.

Eenheemeschen/Eenheemesch

All Persoun, déi d'Nationalitéit vun deem Land huet, an deem si leeft. An deem Fall sinn domadder d'Lëtzeburger gemengt.

Viruerteel

Kënnt vu vir/uerteelen, eng negativ Astellung oder en negatiivt Gefill vis-à-vis vun enger Persoun oder engem Grupp unhuelen, ouni si ze kennen an ouni genuch Informatiounen iwwer si ze hunn.

Schutz

All Persoun, déi aus hirem Land geflücht ass, well hiert Liewen oder hir Sécherheet a Gefor waren, an déi Angscht huet, an dëst Land zeréckzagoen, ka Schutz zu Lëtzebuerg ufroen. Et handelt sech dobäi ëm eng "Demande fir internationale Schutz". D'lëtzebuergesch Gesetz gesäit zwou Zorte vu Schutz vir: de Status als Flüchtling an de subsidiäre Schutz.

Subsidiäre Schutz

Schutz, dee Persounen accordéiert gëtt, déi de Status als Flüchtling net kréien, mä fir déi et sérieux Grënn gëtt, unzehuelen, dass si engem reelle Risiko vu schwéierem Schued (wéi der Doudesstrof, Tortur oder grousser Gewalt am Kader vun engem bewaffnete Konflikt) ausgesat wieren, wa si an hiert Ursprungsland zeréckgeschéckt géinge ginn.

Flüchtling (Status als)

Persoun, déi d'Critèren, déi vun der Genfer Konventioun definéiert goufen, erfëllt. D'Konventioun gesäit vir, dass e Flüchtling eng Persoun ass, déi aus hirem Land geflücht ass „well si zu Recht

Angscht hat, wéinst hirer Rass, hirer Relioun, hirer Nationalitéit, hirer Zougehéierregkeet zu engem soziale Grupp oder hire politesche Meenunge verfollegt ze ginn an déi de Schutz vun dësem Land net kann oder, wéinst dëser Angscht, net wëll an Usproch huelen“.

Flüchtling

An dësem Guide, Persoun, déi Zouflucht sicht.

EU-Bierger

Persoun, déi d'Nationalitéit vun engem Memberstat vun der Europäescher Unioun huet.

Bierger aus engem Drëttland

Persoun, déi d'Nationalitéit vun engem Land ausserhalb vun der Europäescher Unioun huet.

OLAI

Office Luxembourgeois de l'Accueil et de l'Intégration, d'Instanz, déi zoustänneg ass, fir d'Politik vun der Opnam an der Integratioun vun den Auslänner zu Lëtzebuerg ëmzesetzen.

Toleranz

Respekt, Wäertschätzung an Akzeptatioun vun der Diversitéit. Toleranz bedeit ze liewen a sech ze verhalten andeems een aner Persounen akzeptéiert, egal wat hir kulturell Origine sinn, ouni iwwer si ze uerteelen, an hinne géintiwwer op ass.

Virurteel #1	
iwwerrennen	
Iwwerliewen (n)	
sécheren	
Hoffnung (f)	
Zukunft (f)	
friem	
Krich (m)	
Verfolgung (f)	
Mënscherechter (pl)	
zwéngen	
wirtschaftlech Stabilitéit (f)	
Krittären / Critèrë festleeën	
Zougang (m)	
iwwerwaachen	
Stacheldrot (m)	
verstärken	
glafwierdeg	

Virurteel #6	
Schafung (f)	
Unzuel (f)	
deelhuelen un	
bäidroen zu	
schafen	
ëffentlech Verwaltung (f)	
Beräich (m)	
grënnen	
Hindernis (n)	
Virurteel #7	
Zougang (m)	
villfälteg	
schützen	
beweisen	
Openthaltsgeneemegung (f)	
Recht (n)	
krankeverséichert	
Kannergeld (n)	
ënnerleien	
Pensiounskeess (f)	
Krankekeess (f)	

3. Bliedert (virtuell) duerch de Guide. Wéi vill Virurteeler behandelt en a wéi ass en opgebaut? Schwätzt mat Ärem Noper / Ärer Nopesch.

Et ginn 10 Virurteeler behandelt. Op der lénkser Säit ass eng grouss Zuel mam Géigenargument an op der rietser Säit steet d'Virurteel, mee mat der Argumentatioun GÉINT dat Virurteel.

5. Liest d' Virurteel #1 an d'Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d'Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.

1. Bezeechent den Text am éischten Abschnitt d'Migratioun als gutt oder schlecht?

Weeder nach, et ass e Fait.

2. Wat fir Grënn, fir säin Heemechtsland ze verloossen, gi genannt?

Verschiede Persoune verloossen hiert Heemechtsland wéinst Krich, Verfolgung, Violatioune vun de Mënscherechter; anerer aus perséinleche Grënn (Besoin fir d'Iwwerliewen, wirtschaftlech Stabilitéit, aus Léift, fir ze studéieren, well hir Kompetenze gesicht ginn).

3. Wat fir Argumenter ginn am drëtten Abschnitt geholl, fir d'Virurteel vum „iwwerrannt“ ze entschäerfen?

Et ginn Zuele genannt, et steet dacks „just“ oder „nëmme“ am Text. Mir liesen och den Ausdrock „Eng Drëps am Ozean“ fir d'Zuelen ze relativéieren.

4. Wat fir e weidert Argument géint d'Iddi vun enger „Invasioun“ gëtt am véierten Abschnitt genannt?

Et ware vill EU-Bierger ënnert de Migranten; den Text schwätzt och iwwer déi schwiereg Konditiounen, an en EU-Land ze immigréieren.

5. Wat fir eng Roll spillen d'Medie bei der Verbreedung vun dësem Virurteel?

Am fënneften Abschnitt steet, datt d'Medien, mat de Biller, déi si weisen, d'Iddi vun där Invasioun nach verstärken.

5. Liest d' Virurteel #6 an d' Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d' Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.

1. Duerch wat fir en Denkfeeler entsteet dat Virurteel?

Vill Leit denken, datt d'Unzuel vun Aarbechtsplaze fix ass, mee dat ass net esou.

2. Wéi gétt am zweeten Abschnitt d' Bild vum Kuch nach eng Kéier geholl, fir d' Virurteel ze entschäerfen?

D' Migranten huelen un der Wirtschaft vum Land deel, si maachen de Kuch méi grouss; et kënnen duerch si och nei Aarbechtsplaze geschafé ginn.

3. Wéi gétt am drëtten Abschnitt erkläert, datt déi auslännesch Aarbechter „komplementar“ zu den eenheemesche sinn?

Déi auslännesch Aarbechter ginn oft a Secteure schaffen, an deenen d' Lëtzebuurger net schaffen. Dat kënnen héich qualifizéiert Secteure sinn oder Secteuren, an deenen dacks déi Eenheemesch net wëlle schaffen. Dat heescht also, datt si keng Plazen ewechhuelen.

4. Wat fir en anere positiven Impakt kënnen d' Migranten op d' Wirtschaft hunn?

Am zweeten Abschnitt gétt ervirgehewen, datt d' Migranten un der Wirtschaft vun engem Land deelhuelen an zu der Consommatioun an domat zu der Produktioun bäidroen. Am 4. Abschnitt gétt gesot, datt d' Migranten dacks nei Betriber grënnen a mat innovativen, kreativen Iddie kommen.

5. Wat mécht et de Migranten net einfach, engem Eenheemeschen eng Plaz ewechzehuelen?

Am fënneften Abschnitt geet rieds vun den Hindernissen, op déi e Migrant ka stoussen (Unerkennung vu sengen Diplomer, streng national an EU-Gesetzgebung).

5. Liest d'Virurteil #7 an d'Géigenargument dozou. Klärt zesummen de Vocabulaire a sicht Äntwerten op d'Froen. Preparéiert eng Presentatioun fir den Austausch duerno.

1. Als wat ginn d'Grënn fir d'Migratioun am éischten Abschnitt bezeechent?

Se ginn als villfälteg bezeechent.

2. Mat wat fir engem Beispill gëtt am zweeten Abschnitt illustréiert, datt Ausländer keen illimitéierten Zougang zum Lëtzebuerger Sozialsystem hunn?

Mam Beispill vun engem EU-Bierger, deen no 3 Méint Openthalt hei bewiese muss, datt e genuch Ressourcen huet, fir hei ze liewen.

3. Wat fir e weidere Fakt gëtt am drëtten Abschnitt genannt, fir d'Virurteil ze entschäerfen?

D'Ausländer mat Openthaltgeneemegung hunn Accès op den Aarbechtsmaart, mee net direkt déi selwecht Rechter.

4. Wéi ass d'Situatioun vun de Persounen, déi internationale Schutz ufroen ?

Fir d'éischt kréie si eng kleng Allocatioun a si krankeversécher, mee si hu keen Accès op den Aarbechtsmaart. Duerno (no der Regulariséierung) hu si déi selwecht Rechter wéi d'Lëtzebuerger, mee sécher net méi.

5. Wat fir en Impakt hunn déi auslännesch Aarbechter op de Lëtzebuerger Sozialsystem?

Fuerscher hu bewisen, datt déi auslännesch Aarbechter d'lëtzebuergesch Sozialversécherung virun der Faillite gerett hunn. D'Cotisatioune vun den auslänneschen Aarbechter haten e positiven Impakt op d'Sozialversécherung an op d'sozial Prestatiounen an d'Kannergeld.

E Bericht iwwert den eegene Migratiounswee



HV Lëtzebuerg – USA

1. Erzielt am Detail Äre Migratiounswee, deen Iech op Lëtzebuerg bruecht huet.
Preparéiert Är Presentatioun a Stéchwierder an orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner:

<p>Titel</p> <p>Wielt e passenden Titel.</p>	<p>Zum Beispill :</p> <p>Vun ... op ... iwwer ...</p> <p>Mäi laange Wee op / an ...</p>
<p>Aleedung</p> <p>Gitt an der Aleedung eng kleng Beschriewung vun Ärem Heemechtsland.</p> <p>Erzielt, wéi laang Dir do gelieft hutt a wat Dir do gemaach hutt.</p>	<p>Ech kommen aus ...</p> <p>Dat ass ...</p> <p>D'Land huet ... Awunner an ass grouss.</p> <p>D'Land zeechent sech duerch ... aus.</p> <p>Wat besonnesch do ass, ass ...</p> <p>Ech hunn ... Joer do gelieft. Fir d'éischt hunn ech ...</p> <p>Als lescht hunn ech ...</p> <p>Meng Famill ...</p>
<p>Hauptdeel</p> <p><u>Grond</u></p> <p>Gitt de Grond un, firwat Dir op Lëtzebuerg (oder eventuell virdrun nach op aner Plaze) komm sidd.</p> <p><u>Erfahrungen</u></p> <p>Bericht iwwer positiv an/oder negativ Erfahrungen, déi Dir gemaach hutt, eventuell iwwer eng Erfahrung, déi Iech besonnesch markéiert huet.</p>	<p>Ech sinn op Lëtzebuerg komm, well ...</p> <p>Den Haaptgrond fir mech, fir op Lëtzebuerg ze kommen, war ...</p> <p>Lëtzebuerg war net meng éischt Statioun, virdrun war ech ... Do hunn ech ...</p> <p>Wat positiv/negativ Erfahrungen ubelaangt, muss ech soen, datt ...</p> <p>Ech kann net behaupten, datt ...</p> <p>Besonnesch markéiert huet mech, datt ...</p> <p>Ech hat ee speziellert Erleefnis, an dat war ...</p> <p>Eppes wat mech direkt beréiert / ugesprach / interpelléiert / begeeschtert huet, war ...</p> <p>Eppes, mat deem ech bis haut nach net eens ginn, ass</p>

<p><u>Kulturell Ënnerscheeder</u></p> <p>Beschreift kulturell Ënnerscheeder an eventuell Problemer, déi doraus entstane sinn.</p> <p><u>D'Situatioun elo</u></p> <p>Erzielt, wéi Dir Iech elo hei fillt a wat Äert Liewen hei präägt.</p>	<p>A mengem Land ass et normal, wann een...</p> <p>Zu Lëtzebuerg ass dat anescht: Hei ...</p> <p>Ech hu gemierkt, datt et zu Lëtzebuerg als onhéiflech/héiflech ugesinn ass, wann een ...</p> <p>Ech muss soen, datt ech mech elo (net/schonn/ganz) integréiert fillen. Dat ass och zum Deel doduerch bedéngt, datt ...</p> <p>Mäi Liewen ass haaptsächlech gepräägt duerch ...</p>
<p>Schluss</p> <p>Beschreift, wéi Dir Är Decisioun, op Lëtzebuerg ze kommen, haut empfann.</p>	<p>D'Decisioun fir heihinner ze kommen ...</p> <p>Zum Schluss wëll ech soen, datt ...</p> <p>Merci fir d'Nolauschteren.</p>

2. *Presentéiert Är Geschicht an engem klengen Video a setzt en an de Padlet, deen Är Léierpersoun virbereet huet. Illustréiert Är Geschicht wa méiglech mat enger Weltkaart, mat Fotoen, mat Musek asw.*



E Lieserbréif zur Sproochepolitik zu Lëtzebuerg



Sprooch: Strategiepabeier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch

Am Strategiepabeier gi 40 konkreet Punkten, fir d'Lëtzebuenger Sprooch ze fërderen, opgezielt. Sicht Iech een oder e puer Punkten eraus an deelt Är Meenung dozou an engem Lieserbréif mat. Post Äre Lieserbréif an de Padlet, deen Är Léierpersoun virbereet huet. Schreift 400 - 500 Wierder. Orientéiert Iech un dësem Modell:

<p>Titel</p> <p>Wielt e passenden Titel.</p>	<p>Zum Beispill:</p> <p>Gedanken zu der Measure ...</p> <p>Stellungnam zum Strategiepabeier</p>
<p>Aleedung</p> <p>Sot, firwat Dir Iech grad déi Measure(n) erausgesicht hutt a firwat Dir dozou e Lieserbréif verfaasse wëllt.</p>	<p>Am Strategiepabeier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch gi(nn) ... Mesuren zum Thema ... genannt.</p> <p>Dës Mesuren interesséiere mech staark, well ...</p> <p>Ech wëll meng Gedanken / meng Meenung dozou matdeelen, well ...</p>
<p>Hauptdeel</p> <p><u>Moosnamen</u></p> <p>Gitt am Detail op déi Measure(n), déi Dir Iech erausgesicht hutt, an.</p> <p><u>Wierkung</u></p> <p>Beschreift, wat fir Konsequenzen dës Moosname kéinten hunn.</p> <p><u>Perséinlech Meenung</u></p> <p>Sot, wat Dir positiv oder negativ dodru fannt a wéi dat Iech perséinlech betrëfft.</p>	<p>D'Masure ... beseet, datt ...</p> <p>Dës Measure gëtt opgrond vun ... geholl.</p> <p>Et ass wichteg, eppes un der aktueller Situatioun ze änneren, well ...</p> <p>E weideren interessante Punkt ass ...</p> <p>Et kann een erkennen, datt ...</p> <p>Mat dëser Measure kéint sech ... verbessern.</p> <p>Ouni dës Measure ...</p> <p>Aus menger perséinlecher Erfahrung kann ech soen, datt ...</p> <p>Menger Meenung no ...</p>
<p>Schluss</p> <p>Zitt eng Conclusioun aus Ären Iddien an Argumenter.</p>	<p>Zesummefaassend kann ee soen, datt ...</p> <p>Ofschléissend wëll ech bemierken, datt ...</p>

Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn

1. Lauschtert déi zwee Lidder De Feierwon vum Michel Lentz a Mir wëllen Iech ons Heemecht weisen vum Serge Tonnar.



Dir fannt dës Lidder zum Beispill op Youtube hei

<https://youtu.be/RBY2R6wsIvw> an hei <https://youtu.be/oQ4agzfiqPA>.

2. Sicht am Internet Informatiounen iwwert de Michel Lentz an den historeschen Hannergrond vum Lidd De Feierwon an deelt se mat der Klass.



3. Liest déi fettgedréckt Strophen an de Refrain vun deenen zwee Lidder. Klärt de Vocabulaire zesummen an der Klass a sicht Gemeinsamkeiten an Ënnerscheeder bei deenen zwee Liddertexter.

De Feierwon
5.10.1859
Text a Musek vum Michel Lentz
Marsch-Tempo

Re Re La 7

De Fei - er - won, deen ass be - reet; Hie
La 7 La 7 Re
päift duerch d'Loft, a fort et geet am
si fa# Sol Re
Dau - schen iw - wer d' Strooss vun Ei - sen, an
Sol Re La Re
hie geet stolz den No - per wei - sen, datt
Mi La
mir nun och de Wee hu fonnt zum
Re Mi La
éi - weg grous - se Vël - ker - bond.

10

Re La 7

Refr.: Kommt hier aus Frank - räich, Bel - gië Prei - sen,
La 7 Re
mir wël - len iech ons Hee - mecht wei - sen!
si fa# Sol Re
Frot dir no al - le Säu - ten hin,
La 7 Re La 7 Re
mir wël - le blei - we wat mir sinn!
si fa# Sol Re
Frot dir no al - le Säu - ten hin,
La 7 Re Sol La 7 Re
mir wël - le blei - we wat mir sinn!

11

Quell: Eiser Lidder fir mat ze sangen a mat ze sprangen. Actioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch A.S.B.L.

De Feierwon

Musek an Text: Michel Lentz

1
De Feierwon, deen ass bereet,
E päift durch d'Loft a fort e geet,
Am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen,
An hie geet stolz den Noper weisen,
Datt mir nun och de Wee hu fonnt,
Zum éiweg grouse Vëlkerbond,

Refrain

Kommt hier aus Frankräich, Belgie, Preisen,
Mir wëllen iech ons Heemecht weisen,
Frot dir no alle Säiten hin,
wéi mir esou zefridde sinn.
Frot dir no alle Säiten hin,
wéi mir esou zefridde sinn.

2
Mir hale fest un onser Scholl,
Vu Léift fir d'Land sinn d'Hierzer voll;
Wa mir och keng Milliounen zielen,
Dir gëtt ons uechter d'Welt ze wielen;
Mir ruffen all aus engem Monn:
Kee bessert Land beschéngt jo d'Sonn!

3
 D'Natur, déi laacht ons iwwerall,
 Si rëscht de Biereg an den Dall
 Mat Fielse wéi gewalteg Risen,
 Street Blummen iwwer Gaart a Wisen:
 Kee Këppchen Ierd, wou Halm a Râis
 Net riede vun dem eise Fläiss

4
 An d'Voll'k a mengem Heemechtsland
 Huet géint all Mënsch d'Häerz op der Hand;
 Seng Fräiheet deet em d'Ae blénken,
 An d'Trei, déi deet seng Wierder klénken;
 Seng Sprooch mat hire friemen Téin,
 D'Gemittlechkeet, déi mécht se schéin.

5
Mir hu keng schwéier Laascht ze dron
Fir eise Staatswon dunn ze gon;
Keng Steire kommen äis erdrécken,
Keen Zwang de fräie Geeschter erstécken;
Mir maache spuersam eise Stot,
Kee Bierger a kee Bauer klot.

6
 An hutt dir dann de Wäert erkannt
 Vum klenge Lëtzebuenger Land,
 An dir musst fort rëm vun eis goen,
 Da kënnt dir an der Heemecht soen:
 't ass d'Gréisst net grad, déi d'Gléck
 bedeit,
 Well an deem Land si glécklech Leit!

Refrain

Kommt hier aus Frankräich, Belgie,
Preisen,
Mir wëllen iech ons Heemecht weisen,
Frot dir no alle Säiten hin,
wéi mir esou zefridde sinn.
Frot dir no alle Säiten hin,
mir wëlle bleiwen, wat mir sinn.

Remark:

Den Text vum Lidd gouf un déi nei Schreifweis ugepasst.

Dacks gi just dräi Strophen vum Lidd gesongen, déi éischt, déi zweet an déi lescht.



Mir wëllen iech ons Heemecht weisen

132,820 views • 1 Mar 2016

👍 1K 🗨️ DISLIKE ➦ SHARE ≡+ SAVE ...

©Screenshot vun: <https://youtu.be/oQ4agzfiqPA>, 26.07.22

Mir wëllen Iech ons Heemecht weisen

Musek: Serge Tonnar, Text: Michel Lentz, Serge Tonnar

1

De Feierwon, deen ass bereet
E päift duerch d'Loft a fort e geet
Am Dauschen iwwert d'Strooss vun Eisen
A voll mat Leit, déi se doheem ofweisen
An nach hu mir de Wee net fonnt
Zum éiweg grouse Vëlkerbond
A mir hu keng schwéier Laascht ze droen
Fir eise Staatswon dunn ze goen
Keng Steiere kommen eis erdrécken
Keen Zwang de fräie Geescht erstécken
Mir maache spuersam eise Stot
Kee Bierger a kee Bauer klot

Refrain

Musst Dir Iech heemlech iwwert d'Grenze schleisen
Eist klengt Land kann elo Gréisst beweisen
Well mir iech net ofweisen
mee mir wëllen iech ons Heemecht weisen

2

**Mir hale fest un eiser Scholl,
Vu Léift fir d'Land sinn d'Hierzer voll
A wa mir scho Milliounen zielen,
Déi d'Flucht aus hirem Land musse wielen
Dann hu mir nach de Wee net fonnt
Zum éiweg grouse Vëlkerbond**

Rap

Frot dir no riets an no lénks an no alle Säiten hin
Et ginn der ëmmer nach e puer, déi sou onzefridde sinn
Si hunn Angscht ëm hir Kultur, déi misst elo villes opginn
Dass se souguer vu friemen Aflëss opgefriess kéint ginn
Ma vill Vertrauen an är Kultur beweist dat do jo awer net
Wann déi Kultur esou liicht wéi Salz am Waasser opgeléist gëtt
An déi Kultur kënnt der gär halen, sou eng wëlle mir hei net
Well dann hutt der keng Kultur, déi Kultur do gëtt et guer net
Et kann op der ganzer Welt just eng eenzeg Kultur dach ginn
Déi keen Ufank huet an déi och wäert fir ëmmer do sinn
Och wann et ëmmer nach Leit ginn, déi dat leider net verstinn
Dass et ouni si eis alleguer mol guer net géif ginn
Si, déi d'Mënschheet iwwerhaapt eréischt méiglech mécht
Si, déi gëllt fir all Muslim, Atheist, Judd an och Chrëscht
Si, ouni déi mer näischt wäre wéi e Koup voll Mëscht
Si, no där all Mënsch, deen dësen Numm verdéngt, och glëscht
Si hëlleft gemälleg wéi Homeopathie
Si verbënnt eis matenee wéi Telepathie
Si heescht Hëllef, Matginn an och Empathie,
Deelen, Solidaritéit oder Sympathie
A wa mer déi Kultur opginn am Numm vun enger Natioun
Am Numm vun eisem Räichtum oder am Numm vun der Relioun
Da gi mer hannerzeg, 't ass fäerdeg mat der Evolutioun
Dann ënnerschreiw mer d'Faillite vun eiser Zivilisatioun

Dofir, léif Muselfraen a Muselmänner,

Léif Gesëschter aus alle Géigenden a Länner
Mam Méchel Lentz do loosst eis soen dës nei Strophe vum Feierwon

3

**Wann d'Vollek hei an an all Land
Huet géint all Mënsch d'Häerz op der Hand
Wann d'Fräiheet em deet d'Ae blénken
An d'Léift, déi deet seng Wierder klénken
Dann hu mir all de Wee och fonnt
Zum éiweg grouse Vëlkerbond**


© Serge Tonnar, Mir wëllen iech ons Heemecht weisen, 01.03.2016

Remark: Den Text vum Lidd gouf un déi nei Schreifweis ugepasst.

4. D'Devis „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn“ ass ganz verbreet zu Lëtzebuerg a gëtt dacks a verschiddene Variante benotzt. Kuckt d'Beispiller am Padlet, deen Är Léierpersoun virbereet huet, a sicht nach aner Beispiller.

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op www.padlet.com a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



5. Diskutéiert a kleng Gruppen, wat d'Devis „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn.“ fir Iech bedeit.

Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch

1. Liest déi éischt zwou Säite vum Strategiepabeier fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch Eng laangfristeg Sproochen- a Kulturpolitik

D'Regierung erkennt d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch un. Och wann et scho vill Moossname gëtt, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen, wëllt d'Regierung hiert Engagement fir d'Sprooch nach eng Kéier verstärken. Mee och d'Méisproochegkeet ass eng Charakteristik vu Lëtzebuerg. Nieft dem Lëtzebuergesch, dem Däitschen an dem Franséische sinn am Alldag nach aner Sproochen am Gebrauch. Zesumme prägen si d'Identitéit vun eisem Land an droen e wesentlechen Deel zur sozialer Kohäsion bäi. Dofir engagéiert sech d'Regierung mat der Promotioun vum Lëtzebuergesch och gläichzäiteg fir d'Promotioun vun der Méisproochegkeet.

Véier staark Engagementer vun der Regierung

D'Regierung viséiert véier grouss, iwwergräifend Ziler an engagéiert sech konkret fir:

1. de Stelwäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze stäerken;
2. d'Norméierung, de Gebrauch an d'Etude vun der Lëtzebuerger Sprooch virunzedreiwen;
3. d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze fërderen;
4. d'Lëtzebuergesch-sproocheg Kultur ze promouvieren.

1. En 20-Joresplang fir eng Sproochen- a Kulturpolitik ronderëm d'Lëtzebuergesch

Well dëst praktesch all d'Beräicher vun der Ëffentlechkeet an och all d'Ministère concernéiert, ass d'Regierung der Meenung, datt een sech dofir muss eng eenheetlech Strategie ginn, déi vun alle gedroe gëtt an op déi all hischaffen. D'Festhale vu gemeinsamen an iwwergräifende Richtlinne sollen e kohärente Suivi vun der Lëtzebuerger Sprooch erméiglechen. Dës Strategie fir d'Fërdere vun der Lëtzebuerger Sprooch wäert zesumme mat allen Acteure vun eiser Gesellschaft ausgeschafft ginn, an an engem 20-Joresplang fir d'Fërdere vun der Lëtzebuerger Sprooch festgehale ginn.

2. E Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Fir dësen 20-Joresplang auszeschaffen, an der Regierung hiren Engagement fir d'Lëtzebuergesch nach weider ze stäerken, gëtt de Poste vun engem Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch geschafen. Seng Missioun wäert et sinn, d'Ministere vun der Educatioun an der Kultur am Hibleck op d'Promotioun vum Lëtzebuergesch ze beroden an d'Efforten an deem Beräich vun alle Ministèren an Administratiounen ze koordinieren. De Kommissär soll ënner anerem de besteeënde Mesuren an Efforten e Kader ginn, d'Kohärenz vun de sproochlechen Iwwerleeungen assurieren, de Suivi vun de Mesuren institutionaliséieren, an den Dialog tëschent deenen eenzelen Interessenten, déi sech mam Sproochgebrauch, respektiv der Kultur zu Lëtzebuerg beschäftegen, opbauen, koordinieren an um Liewen halen. De Kommissär gëtt a senger Aarbecht vun engem interministerielle Comité begleet a kann iwwert dee Wee och mat Missiounen beoptraagt ginn.

3. En „Zentrum fir d’Lëtzebuergesch“

Ronderëm de Kommissär fir d’Lëtzebuenger Sprooch gëtt en „Zentrum fir d’Lëtzebuergesch“ geschafen. Zu sengen Aufgabe gehéieren d’Etude an d’Norméierung vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg, an d’Sproochpromotioun, souwuel an der Lëtzebuenger Gesellschaft wéi am europäeschen an internationale Kontext. Den Zentrum schafft enk mat den anere Acteuren an deem Beräich (CNL, CNA, Uni Lëtzebuerg, ...) zesummen. Seng Mataarbechter wäerte sproochlech a kulturell Experten aus verschiddene Beräicher sinn (Linguistik, Sproochegeschicht, Educatioun, Kultur...).

4. Verankerung vun der Lëtzebuenger Sprooch an der Verfassung

An eiser méisproocheger a multikultureller Gesellschaft huet d’Lëtzebuenger Sprooch e ganz besonnesche Stellwäert: Si ass Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch zugläich. Dëse Stellwäert gëllt et net nëmmen ze erhalen, mee och ze stäerken. Dofir ass d’Regierung der Meenung, dass d’Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an der Verfassung soll verankert ginn. Gläichzäiteg ass awer och d’Sproochévifalt e prägnante Facteur vun eiser kultureller Identitéit an dem gesellschaftlechen Zesummenhalt zu Lëtzebuerg. Dofir soll och si an der Verfassung verankert ginn.

5. Lëtzebuenger Sprooch op EU-Niveau

D’Regierung wäert mat den europäeschen Institutiounen Negociatiounen ophuelen, fir mat hinnen en Accord iwwert en „arrangement administratif“ ze fannen, esou wéi en an de Conclusiounen vun dem EU-Conseil ënnert der Lëtzebuenger Presidence 2005 festgehale gouf.

All Bierger soll esou d’Recht kréien, sech op Lëtzebuergesch un d’europäesch Institutiounen ze adresséieren, an eng Äntwert op Lëtzebuergesch ze kréien.

D’Zil vun der Demarche vun der Regierung ass, dass d’Lëtzebuergesch Praxis, wéi se am Gesetz vun 1984 festgehale ginn ass, um EU-Niveau soll applizéiert ginn. Konkret heescht dat, dass d’franséisch Sprooch och weiderhin d’Sprooch vun den offiziellen nationalen an europäeschen Dokumenter wäert bleiwen, an och d’Aarbechtssprooch am Echange tëscht dem Lëtzebuenger Staat an den europäeschen Institutiounen soll sinn.

Nieft dësen iwwergeuerdente Mesuren huet d’Regierung eng ganz Rei vun Initiativen ergraff, fir d’Roll vum Lëtzebuergesch – ëmmer am Kontext vun der méisproocheger Situatioun am Land – an der Gesellschaft ze stäerken. Duerch dee Pak vu Moosname sollen déi véier Ziler erreecht ginn an d’Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur kohärent an nohalteg geséichert ginn. D’Mesurë cibléieren all Kéier ënnerschiddlech Zilgruppen, souwuel wat de Contenu wéi och wat den Alter ugeet.

Quell: <https://lux.lu/wp-content/uploads/2022/04/Strategiepabeier-L.pdf> S.4f.

2. *Deelt Iech d'Mesurë 6 bis 40 an der Klass op a liest d'Mesuren zu engem bestëmmten Theemeberäich am Detail. Klärt de Vocabulaire zesummen an diskutéiert iwwert d'Mesuren aus deem Theemeberäich.*

D'Mesurë 6 bis 40:

1. De Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch stäerken (Mesurë 6 + 7)
2. D'Norméierung, de Gebrauch an d'Etude vun der Lëtzebuerger Sprooch virundreiwen (Mesuren 8 - 14)
3. D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur fërderen
 - a. Am Klengkandberäich an an der Grondschool (Mesurë 15 - 20)
 - b. Am Lycée (Mesuren 21 - 26)
 - c. An der Erwuessenebildung an an der breeder Ëffentlechkeet (Mesurë 27 - 36)
4. D'lëtzebuergesch-sproocheg Kultur promouvieren (Mesurë 37 - 40)

3. *Presentéiert d'Mesuren aus Ärem Theemeberäich duerno an der Klass. Benutzt dofir e puer vun dese Sätzufäng.*

Mir hunn d'Mesuren zum Thema ... ënnert d'Lupp geholl.

D'Mesuren ... bis ... dréie sech ëm ...

Wat de Beräich ... betrëfft, kann ee soen, datt ...

Am Beräich ... geet et virun allem drëm, ...

De Fokus läit op ...

D'Zil vun dese Mesuren ass ...

Eiser Meenung no ass dat ...

Eng ganz wichteg Mesure ass eiser Meenung no ...

E puer vun dese Mesurë si scho realiséiert ginn. Zum Beispill ...

Et ginn awer och Mesuren, déi eiser Meenung no schwéier ëmzettese sinn.
Zum Beispill ...



SA Lieserbréif